**Evangelium vum 5. Sonndeg vun der Ouschterzäit (Joer B)**

**Joh 15,1-8**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Johannes.*
*A. Dir all Éier, Här.*

1 De Jesus sot zu senge Jünger:
"Ech sinn dee wierklechen Drauwestack,
a mäi Papp ass de Wënzer.
2 All Rief u mir, déi keng Fruucht dréit,
schneit hien of,
an all Rief, déi Fruucht dréit,
botzt hien, fir datt se nach méi Fruucht dréit.
3 Dir sidd elo schonns reng duerch dat Wuert,
dat ech iech gesot hunn.
4 Bleift a mir,
da bleiwen ech och an iech!
Esou wéi d'Rief net vun sech aus Fruucht droe kann,
ma nëmmen, wann se um Drauwestack bleift,
esou kënnt och dir et nëmmen,
wann dir a mir bleift.

5 Ech sinn den Drauwestack,
an dir sidd d'Riewen.
Wien a mir bleift an a wiem ech bleiwen,
deen dréit vill Fruucht,
ma ouni mech kënnt dir näischt maachen.
6 Wann een net a mir bleift,
da gëtt hie wéi d'Rief erausgehäit,
an hie verdiert.
Déi Riewe ginn zesummegeraaft,
an d'Feier gehäit
a verbrannt.

7 Wann dir a mir bleift
a wa meng Wierder an iech bleiwen,
da frot dat, wat dir wëllt,

an et geschitt fir iech.
8 Mäi Papp gëtt doduerch verherrlecht,
datt dir vill Fruucht drot a meng Jünger gitt."

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

*A. Dech, Christus, luewe mir.*